# ORGANISATIOUN VUM SÄNGERTREFFEN

## ***Wat de Piusverband mécht***

1. Invitatioune verschécken un den Äerzbëschof, un de Kulturministère, un d'Geeschtlech aus dem Dekanat an un d'Membere vum Comité Central vum Verband.
2. Eng Invitatioun verschécken un d'Press.
3. En eventuelle Merci verschécke fir de Patronage, de Sall an den Éierewäin.
4. Dem Organisateur 2 Setten Adress-Etikettë vun de Veräiner aus dem Dekanat zur Verfügung stellen.
5. Nom Sängertreffen, wa feststeet, datt all Bedingungen vum Reglement erfëllt sinn, dem Organisateur vum Sängertreffen de Subsid iwwerweisen.

## ***Wat vum Organisateur ze maachen ass***

1. Dem Piusverband esou fréi wéi méiglech den Datum an d'Plaz vum Sängertreffe matdeelen.
2. Beim Verband de Patronage an de Subsid schrëftlech ufroen.
3. Eventuell de Patronage, de Sall, den aussergewéinleche Subsid an den Éierewäin bei der Gemeng oder der kierchlecher Autoritéit ufroen.
4. Lokal a regional Autoritéiten a Frënn invitéieren.
5. Den Oflaf an d'Organisatioun vum Sängertreffe mat de Responsabele vum Verband beschwätzen a si au courant halen.

UNION SAINT PIE X – PIUSVERBAND ASBL • L-8009 Strassen • 3 route d'Arlon
Tél.: 26 20 18 99 - Fax: 26 20 18 98 - E-mail: saintpie@pt.lu - www.piusverband.lu
Fédération reconnue d'utilité publique - Registre de Commerce et des Sociétés: F1064 / n° L050036433.5
Code BIC: CCPLLULL / CCPL IBAN LU97 1111 0404 8637 0000
Avec le soutien financier du Ministère de la Culture